N°7692
Entrée le 03.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Sam TANSON, Minsterin fir Justiz, an den Hären François BAUSCH, Minister fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten an Henri KOX, Minister fir bannenzeg Sécherheet, op d'parlamentaresch Fro n° 7692 vum 2. Mäerz 2023 vun der honorabeler Députéierten Nancy Arendt ép. Kemp**

***1)*** Fir d'Joer 2022 sinn 74% vun den insgesamt ausgestallten Avertissement taxés direkt bezuelt ginn. Vun den iwwreg gebliwwenen 26%, déi e Rappell duerch een ageschriwwene Bréif kritt hunn, sinn 10,9% nodréiglech beglach ginn.

***2)*** De Parquet decidéiert iwwert den weideren Verlaf vun den Dossieren déi se vun der Police gescheckt kréien, wéi och iwwert den Suivi vun der „*amende forfaitaire*“, déi net bezuelt gëtt. Dat gëllt souwuel fir déi am Ausland wéi och fir déi zu Lëtzebuerg immatrikuléiert Gefierer.

De gesamte Montant vun den net bezuelten Avertissements taxés fir déi am Ausland immatrikuléiert Gefierer beleeft sech op 1.703.882 Euro fir d'Joer 2022.

Lëtzebuerg, den 3 Abrëll 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson